

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°3191 vum 23 November 2020 ass den Här Minister op zousätzlech Adaptatiounen vun de Buslinnen 522, 536, 540, 545, 560, 568, 571 a 572 am Norde vum Land agaangen, nodeems d'Ännerung vum Busplang op den 13. Dezember fir Schwiereregkeete gesuergt hat, besonnesch wat de Schülertransport betrëfft.

Allerdéngs ass mir zougedroe ginn, dass och d'Schüler, déi vun Huldang op Dikrech an de Lycée classique fueren, a bis viru kuerzem d'Linn 555 konnten huelen, eng Rei Schwiereregkeete mat dem neie Busplang hunn. Sou géif z.B. nëmmen ee Bus moies bei den LCD an nomëttes um 15.00 Auer vum LCD op Huldang fueren, soudass déi Schüler, déi schonn um 12.00 Auer fräi hunn, kee Bus fir heem kréien.

Allgemeng hunn ech och vu ville Leit héieren, déi bis elo mat der Linn 555 op Dikrech gefuer sinn, dass sech hir Situatioun mam neie Busplang wesentlech verschlechtert huet, soudass der vill rëm wëllen op den Auto ëmklammen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Ass den Här Minister schonn iwwer dës Problematik informéiert ginn ?
- Ass virgesinn fir zousätzlech Busser fir de Schülertransport anzesetzen fir esou eng besser Ubannung ze garantéieren ?
- Huet den Här Minister wëlles de Fuerplang vun der Linn 555 z'adaptéieren fir dës nees méi attraktiv ze maachen ? »

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten